

## MAM SUPERKLIMAFUUSS ËNNERWEE

### Léif Kanner, léif Elteren,

Am Kader vun der Europäescher Mobilitéitswoch, déi all Joer vum 16. bis den 22. September stattfënnt, lancéiert d'Gemeng Waldbëlleg an Zesummenaarbecht mam Klimateam, d'Campagne „MAM SUPERKLIMAFUUSS ËNNERWEE“.

### Ëm wat geet et?

D'Kanner kréien den éischte Schouldag eng Superklimafuuss-Stempelkaart iwwerrecht. Vum 16. bis den 20. September 2019, kënnen si Superklimafuuss-Stempele sammelen, wa si de Wee fir an d'Schoul entweder zu Fouss, mam Vëlo oder mam Schoulbus zeréckleeën, deemno also op den Auto vun den Elteren verzichten. D'Superklimafuuss-Stempele kréien d'Kanner vum Schoulpersonal.

### Gëtt et eppes ze gewannen?

Jo, insgesamt kënnen während der Europäescher Mobilitéitswoch 16 Superklimafuuss-Stempele gesammelt ginn. Fir all déi, déi minimum 12 Stempele gesammelt hunn, gëtt et e Kaddo.

### Wat muss ech maache fir de Kaddo ze kréien?

Den 22. September 2019 gëtt den autofräie Weltdag an der Gemeng Waldbëlleg gefeiert. D'Kanner déi deen Dag hir Superklimafuuss-Stempelkaart mat minimum 12 Superklimafuuss-Stempelen ofginn, kréien e Kaddo.

Vill Spaass beim Sammelen a Gewannen!

### Chers enfants, Chers parents,

Dans le cadre de la semaine européenne de la mobilité, qui se déroule chaque année du 16 au 22 septembre, la commune de Waldbillig, en collaboration avec l'équipe climat, lance la campagne « MAM SUPERKLIMAFUUSS ËNNERWEE ».

### De quoi s'agit-il ?

Les enfants vont recevoir à la rentrée scolaire une carte pour collectionner des tampons Superklimafuuss. Du 16 au 20 septembre 2019, les enfants peuvent recevoir les tampons Superklimafuuss en se rendant soit à pied, en vélo ou en bus scolaire à l'école et donc en évitant d'utiliser la voiture des parents. Les tampons Superklimafuuss sont distribués par le personnel de l'école.

### Y-a-t'il quelque chose à gagner ?

Oui, une totalité de 16 tampons Superklimafuuss peut être attribuée pendant la semaine européenne de la mobilité. Chaque enfant qui a collectionné un minimum de 12 tampons Superklimafuuss a droit à un cadeau.

### Que dois-je faire pour recevoir mon cadeau ?

Le 22 septembre 2019 la journée mondiale sans voiture est fêtée dans la commune de Waldbillig. Les enfants qui y présentent leur carte de tampons Superklimafuuss, avec un minimum de 12 tampons Superklimafuuss, recevront un cadeau.

Amusez-vous à collectionner et à gagner!